Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

4.4.2017 En 1,1-Milliounen-Awunner-Staat géif vill Problemer maachen

04 **Apr** *2017*

Sou steet et am Sozialalmanach vun der Caritas.

Endlech gëtt den 1-Milliounawunnerstad mol richteg thematiséiert.

Dat war och een vun eisen Zieler déi mir am August 2015 fir de Wee2050 festgeluecht hunn:

5.

Fir e nohaltegen kontrolléierten Wuesstem bis 2050

5.1. De Wuesstem baséierend op en staarkt Zouhuelen vun der Immigratioun an de Grenzgänger thematiséieren.

5.2. D'Konsequenzen vum Wuesstem op eis Liewensqualitéit diskutéieren (z.B. Wunnengsnout, Verkéierschaos, Ëmweltproblemer, a Verbauung).

5.3. Käschten vu neier Infrastruktur fir de Staat thematiséieren (z.B. nei Autobunnen, Schoulen, Staatsbeamten, Waasserversuergung an Spideeler).

5.4. D'Ofhängegkeet vun eisen Sozialsystemer zu engem staarken Wuesstem thematiséieren.

An engem Artikel am Wort hate mir eis dozou geäussert: Artikel vum Fred Keup, 19. Mäerz 2016

Hei elo de Link op d'Säit vun RTL: Sozialalmanach vun der Caritas

Read more … 4.4.2017 En 1,1-Milliounen-Awunner-Staat géif vill Problemer maachen

20.3.2017 Ënnerschreift d'Petitioun!

20 **Mar** *2017*

(comments: 0)

http://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Petitions/RoleDesPetitions?action=doPetitionDetail&id=890

De Minister Meisch wëll elo manner Lëtzebuergesch an dofir méi Franséisch an der Spillschoul an am Précoce.

Mir soe NEE. Ënnerschreift dofir d'Petitioun vum Schoulmeeschter J. Dahm mam Titel "NON à l'initiation au français à la crèche et au cycle 1 (=Spillschoul) et NON à l'apprentissage du français oral au premier trimestre du cycle 2.1 (=1. Schouljoer)"

Lëtzebuergesch ass eis gemeinsam an eenzeg Integratiounssprooch.

2/3 vun de Kanner an der Spillschoul schwätzen awer doheem kee Lëtzebuergesch.

Dofir ass d'Spillschoul op Lëtzebuergesch essentiell fir eng gutt Integratioun, fir d'Chancëgläichheet an eng gutt Viraussetzung fir d'Alphabetiséierung op Däitsch am 1. Schouljoer.

Franséisch an Englesch kënnen d'Kanner wéi bis elo, och méi spéit, léieren.

Dat gesäit och de Bildungsfuerscher Romain Martin esou:
"Bildungsforscher Professor Romain Martin schlägt vor: "Vielleicht sollte der Lernprozess in der Grundschule zeitlich so gestreckt werden, dass die Einführung des Französischen nicht so nahe auf den Alphabetisierungsstart im Deutschen erfolgt." Er ist sich sicher: „Die Schullaufbahn ist lange genug, um Fremdsprachen auch etwas später erfolgreich zu lernen.“"

Read more … 20.3.2017 Ënnerschreift d'Petitioun!

25.2.2017 Lëtzebuergesch Nimm fir d'Tramstatiounen!

05 **Mar** *2017*

(comments: 0)

Merci Luxtram Merci Stad Lëtzebuerg
Merci!

D'Statiounen um Kierchbierg:

• Luxexpo
• Alphonse Weicker
• Nationalbibliothéik / Bibliothèque nationale
• Universitéit
• Coque
• Europaparlament / Parlement européen
• Philharmonie - Mudam
• Pafendall - Rout Bréck

D'Statiounen um Lampertsbierg:

• Theater
• Faïencerie
• Stäreplaz / Etoile

Am Oktober hate mer dat nach an engem Post op Facebook gefuerdert:
https://www.facebook.com/nee2015.lu/photos/a.894583283935502.1073741830.889354561125041/1286715814722245/?type=3&theater

An och bei eisen 10 Aktiounspunkten:
http://wee2050.lu/index.php/press.html?file=files/Site/2017/Pressecommunique-Wee2050-nee2015-11.1.2017%20Aktiounspunkten.pdf

Read more … 25.2.2017 Lëtzebuergesch Nimm fir d'Tramstatiounen!

14.2.2017 De Staatsminister Paul Eyschen huet schonn am Joer 1903 eng wonnerschéi Ried gehale fir d'Lëtzebuerger Sprooch!

14 **Feb** *2017*

(comments: 0)

Dat war 1903:

"D'Lëtzebuerger Sprooch ass ons Freed an onse Stolz haut"

"Räich ware mer net, et ass jo och net de Räichtum, deen d'Gléck bedeit."

"...well eis Sprooch elo réischt geschriwwen gëtt"

"Ons Sprooch, dat ass en alen hellegen Eechebam: Keng Mënschenhand huet se geplanzt, zënter dausend Joer gruewen sech seng Wuerzelen an onst Land."

"Ons Sprooch, dat ass d'Muerch an de Schanken, si ass d'Blutt an onseren Oderen. Duerch d'Blutt verierft sech den Art: an dee soll keen ons verdierwen."

"Ons Sprooch, dat ass dem Vollek säi Geescht, de Lëtzebuerger Geescht, deen oppen ass (...). Ons Sprooch dat ass d'Lëtzebuerger Häerz, dat ëmmer festgehalen huet um Troun an um Glaw, um Vollek an dem Land"

Un Hand vun den Aussoen vum Staatsminister Paul Eyschen stelle mer fest:

- Eis Sprooch huet sech net vill verännert zënter 1903.
- Schonn 1903 ass eis Sprooch geschriwwe ginn.
- Schonn 1903 war d'Lëtzebuerger Sprooch e ganz wichtege Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Identitéit.
- Zënter 1000 Joer schonn entwéckelt sech d'Lëtzebuerger Sprooch.
- de "Lëtzebuerger Geescht" war schonn deemols oppen.

De Paul Eyschen war Staatsminister vun 1888 bis 1915.

de ganzen Text:

http://nee2015.lu/index.php/press.html?file=files/Site/2017/paul%20Eyschen%20ganzen%20text.png

Read more … 14.2.2017 De Staatsminister Paul Eyschen huet schonn am Joer 1903 eng wonnerschéi Ried gehale fir d'Lëtzebuerger Sprooch!

8.2.2017 Nationalitéitegesetz: DE NIVEAU VUM SPROOCHENTEST SOLL NET EROFGOEN!

08 **Feb** *2017*

(comments: 0)

Muer an der Chamber geet et em dat neit Nationalitéitegesetz.

Eis Positioun:

Mir bedaueren, datt de Niveau vum Sproochentest kloer erof geet: Huet ee bis elo de Niveau A2 am Schwätzen an de Niveau B1 am Héiere-Verstoen gebraucht, sou geet am neie Gesetz de Niveau A2 am Schwätzen duer. De Niveau B1 am Héiere-Verstoen dee bedeit, datt een eng Nouvelle um Radio verstoe kann, ass net méi gefrot!

Mir erënneren drun, datt dëst Gesetz net dat ass wat d'Lëtzebuerger wëllen: Beim Politmonitor vum Hierscht 2015 hunn sech just 26% fir eng Vereinfachung vum Sproochentest ausgeschwat! Fir eis ass dat eng ongesond Situatioun, well all déi grouss Parteien bei engem Thema net an der politescher Mëtt sinn!

Mä mir begréissen, dass déi urspréngglech extrem Versioun vum Dësch ass an, datt d'Regierung an de Minister Felix Braz sech méi no an déi politesch Mëtt beweegt hunn an eng méi moderat Positioun hu missen anhuelen.

Mir froen eis firwat de Niveau erofgesat gëtt. D'Nationalitéit soll de Schlussakt vun der Integratioun duerstellen an net eng Zwëschenetapp. Hei fënnt eng Integratioun um Pabeier statt an net an der Realitéit, well weder d'Kompetenzen am Schwätzen nach am Verständnis duerginn. Domatt wären déi nei Lëtzebuerger sproochlech nach ëmmer ausgegrenzt. Wier et net och am Sënn vun hinnen, wann si en

besseren Niveau an der Sprooch hätten?

Mir fannen et gutt, datt Kanner, déi hei gebuer sinn a gelieft hunn, Lëtzebuerger ginn. Mir maachen iewer drop opmierksam, datt ëmmer méi Kanner net méi an de lëtzebuerger Schoulsystem ginn a kee Lëtzebuergesch kënnen.

D'Regierung seet kloer, datt Lëtzebuergesch wichteg ass als Integratiounssprooch. Wann si A soen, sollen si och B soen! Mir vermëssen e gesetzlech festgeluechte Moossnamekatalog fir (a) den auslänneschen Matbierger et besser ze erméiglechen an (b) si och ze motivéieren d'Sprooch ze léieren: Informatiounscampagnen, méi Sproochecoursen, eng méi héich Präsenz am Alldag, zum Beispill op Internetsäiten, Stroosseschëlder a Panneauen. Wéi soll een d'Sprooch léieren wann een net an Kontakt kënnt mat hir?

Mir géifen eis och freeën wann den obligatoreschen Civiques-Cours, dee jo wahrscheinlech net op Lëtzebuergesch ass, wéinstens "Zesummeliewen" géif heeschen a net "Vivre ensemble"!

Mir wëllen keng Laissez-faire-Politik, mir fuerderen eng konkret Integratiounspolitik ze maachen, grad am Hibléck op den ugekënnegten 1-Millioun-Awunnerstaat am Joer 2050.

Read more … 8.2.2017 Nationalitéitegesetz: DE NIVEAU VUM SPROOCHENTEST SOLL NET EROFGOEN!